



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 7832 vum 29. Mäerz 2023 vun der honorabeler Deputéiert Madamm Martine Hansen an vum honorabelen Deputéierten Här Jean-Marie Halsdorf.

Kënnt Dir eis Informatiounen confirméieren, datt d'Medikament Aspepic IV nëmmen nach begrenzt disponibel ass?

Wa jo, wat sinn d'Grënn fir d'Rupture de stock?

Wa jo, ginn et Alternativpräparater, déi bei akute cardio-vasculaire Problemer an der Reanimatioun kënnen agesat ginn?

Wa jo, wéini gëtt d'Medikament viraussiichtlech nees op Lëtzebuerg geliwwert?

Zënter Ufank 2022 ass et zu Lëtzebuerg effektiv zu Liwwerungsenkpäss vun Aspepic IV wéinst engem Produktiounsproblem kumm.

An enger éischer Phase konnten dës Enkpäss an de Spideeler duerch alternativ disponibel Produkt'ën kompenséiert ginn.

Ufank 2023 goufen dunn och Liwwerungsenkpäss bei den Alternativproduit'ën festgestallt.

D'Division de la Pharmacie et des Médicaments (DPM) vun der Direction de la Santé ass säit Mäerz 2023 beméit Léisungen ze fannen an konnt d'Liwwerungen vun Alternativproduit'ën elo mol bis Ënn August 2023 ofsécheren.

Aktuell gëtt et deemno keen Manktem méi un Aspepic IV zu Lëtzebuerg. De Gesondheetsministère suivéiert dësen Dossier awer och weiderhin vu ganz no an ass och zouversichtlech vir d'Liwwerungen bis 2024 kënnen sécherstellen.

Lëtzebuerg, den 27. Abrëll 2023
D'Gesondheetsministesch

(s.) Paulette Lenert